CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
17 OCT. 2019
1342

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/10/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Mam Gesetz vum 20 Juli 2018 "portant création de Centres de compétences en psychopédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire" goufen d'Missioune vun 8 *centre de compétences* festgeluecht. Nodeems dës Zentre elo wärend engem éischte Schouljoer Kanner en Charge geholl hunn, wier et gutt, mat Hëllef vun enger Rei Zuelen en éischte Bilan ze zéien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kanner hunn wärend dem Schouljoer 2018/2019 vun de Centre de compétences profitéiert (opgeschlësselt no Zentrum)?
   Wéi vill vun dëse Kanner sinn iwwert de CDSE aus der regulärer Schoul erausgeholl ginn?

   Wéi vill Kanner hunn hier Rentrée 2019 an engem Centre de compétence gemaach (opgeschlësselt no Zentrum)?

2. Wéi vill Personal gouf am Laf vum Schouljoer 2018/2019 fir d'Centres de compétences rekrutéiert?
   Wéi vill Persoune goufe fir d'Rentrée 2019 rekrutéiert?

3. Wéi eng Diplomer a Qualifikatiounen si gesicht ginn (opgeschlësselt no Unzuel vun de Posten an Zentren)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 18 novembre 2019

Monsieur le Président de la Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1342 de Monsieur le Député Sven Clement**

**Ad 1)**

**a) Wéi vill Kanner hunn während dem Schouljoer 2018/2019 vun den Centre de compétences profitéiert (opgeschlësselt no Zentrum)**

D'Opschlësselung vun de Kanner no Zentre gesäit follgendermoossen aus:

| Kompetenzzenter | Scolarisation spécialisée | Intervention spécialisée ambulatoire | TOTAL |
|---|---|---|---|
| CL | 257 | 17 | 274 |
| CDV | 0 | 109 | 109 |
| CDM | 68 | 14 | 82 |
| CDI | 418 | 63 | 481 |
| CTSA | 80 | 80 | 160 |
| CDSE* | / | / | / |
| CEJHP* | / | / | / |
| CDA* | / | / | / |

*Mise en place vum Zenter am Laf vum Schouljoer 2018/2019

Mam Gesetz vun den *Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire*, sinn dräi nei Kompetenzzentre geschafe ginn: Den Zenter fir déi sozio-emotional Entwécklung (CDSE), den Zenter fir Léierschwieregkeeten (CDA) an den Zenter fir héichbegaabte Schüler (CEJHP). Dës dräi Zentren hunn sech am Laf vum Schouljoer 2018/2019 ugefaang ze etabléieren, sou dass dës Zentren hei nach net am Detail mat afléissen.

Wichteg ass hei nach ze soen, dass nach weider 3.450 Schüler vum Cycle 1 an der Reegelschoul vum Centre de Logopédie suivéiert gi sinn.



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**b) Wéivill vun dëse Kanner sinn iwwert de CDSE aus der regulärer Schoul erausgeholl ginn?**

Am Schouljoer 2018/2019 sinn am Ganze 35 Kanner am Kompetenzzenter CDSE temporär beschoult ginn. Dat op Grond vun de Besoine vum Schüler a fir kënnen e méi intensive Suivi um sozio-emotionalen Niveau ze garantéieren.

**c) Wéivill Kanner hunn hier Rentrée 2019 an engem Centre de compétences gemaach (opgeschlësselt no Zentrum)?**

Bei der Rentrée 2019 sinn 806 Schüler an enger Klass vun engem Kompetenzzenter beschoult ginn an 503 goufen ambulant an der Reegelschoul vum Zenter encadréiert.

Am Detail:

| Kompetenzzenter | Scolarisation spécialisée | Intervention spécialisée ambulatoire | TOTAL |
|---|---|---|---|
| CL | 260 | 17 | 277 |
| CDV | 0 | 114 | 114 |
| CDM | 68 | 11 | 79 |
| CDI | 364 | 24 | 388 |
| CTSA | 80 | 86 | 166 |
| CDSE | 34 | 54 | 88 |
| CEJHP | 0 | 87 | 87 |
| CDA | 0 | 110 | 110 |
| **Total** | **806** | **503** | **1.309** |

Och 2019 gi ronn 3.000 Schüler am Kader vum Cycle 1 reegelméisseg vum Centre de Logopédie suivéiert.

**Ad 2)**

**a) Wéi vill Personal gouf am Laf vum Schouljoer 2018/2019 fir d'Centres de compétences rekrutéiert?**

Am Kalennerjoer 2018 sinn am Ganzen 127,5 Posten équivalent temps plein (ETP) rekrutéiert ginn.

**b) Wéi vill Personal gouf fir d'Rentrée 2019 rekrutéiert?**

2019 waren et am Ganzen 113,5 Posten équivalent temps plein (ETP).

**Ad 3)**

**Wéi eng Diplomer a Qualifikatiounen si gesicht ginn (opgeschlësselt no Unzuel vun den Posten an Zentren)?**

Am Laf vun 2019 goufen 41,5 Posten équivalent temps plein (ETP) um Niveau vum Master (pédagogues, psychologues, professeurs, ...), 70 Posten équivalent temps plein (ETP) um Niveau

vum Bachelor (instituteurs, éducateurs gradués, orthophonistes, ergothérapeutes, psycho-rééducateurs, infirmiers, ...) an 2 Posten équivalent temps plein (ETP) um Niveau Fin d'études secondaires (éducateurs, ...) agestallt.

| Kompetenzzenter | Master (A1) | Bachelor (A2) | Fin d'études secondaires (B1) | TOTAL |
|---|---|---|---|---|
| ATVA | 0 | 2 | 0 | 2 |
| CDA | 5 | 6,5 | 0 | 11,5 |
| CDI | 10 | 14 | 0 | 24 |
| CDM | 0 | 15 | 0 | 15 |
| CDSE | 7 | 6 | 0 | 13 |
| CDV | 7 | 5 | 0 | 12 |
| CEJHP | 3 | 1 | 0 | 4 |
| CL | 4 | 16 | 2 | 22 |
| CTSA | 5,5 | 4,5 | 0 | 10 |
| **Total** | **41,5** | **70** | **2** | **113,5** |



Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse